

Sozial an ekologesch Erausfuerderungen

Interview mat engem Gewerkschafter

"forum": Nom zweete Weltkrich huet eng Period vu wirtschaftlecher Prosperitéit ugefaang, opdmannst an Europa, den USA an a Japan. D'sozial Spannungen a Konflikter, déi ët gouf, konnten ëmmer entschärft gin, well genuch do war fir ze verdeelen. Déi Räich si vläicht nët méi aarm gin, mee déi Aarm si méi räich gin; d'Liewensbedingungen vun de schaffende Leit hun sech verbessert. Dëse Modell schéngt elo an enger Kris ze sin. Engersäits as de Sozialstaat ëmmer méi héich verschëllt, d'Betriben verlaange säin Opbau fir international méi kompetitiv ze sin, an d'Aarbechtslosegkeet hëllt ëmmer weider zou. Wéi wäit gesäis du, Jean-Claude Reding, Gewerkschafter, den ale Modell bedreet, wéi eescht sin déi Bedreeungen an dengem An ze huelen?

Jean-Claude Reding: Wann een zréckbléckt, déi ganz Zäit hat een e grouss wirtschaftleche Wuestum, dat hängt mat villen Uraachen zesummen. Zum Deel mam Opbau nom Krich, awer och duerch ganz vill Produktivitéitssteigerungen an och eng grouss Demande, déi do war, an 't huet eent dat anert gedroen. Dat schéngt elo aus enger Rei vu Grënn eriwwer ze sin, an 't as vläicht un der Zäit, d'Fro vun der Verdeelung nei ze stellen.


Ech sin der Meenung, dass d'Verdeelung an deene leschte Joeren zuongonschten vum Salariat gelaf as. Wat nët wëllt heeschen, dass do nët Lounverbesserunge komm sin, mee d'Gewënner um Niveau vum Kapital, déi sin einfach méi séier gelaf wéi d'Lounverbesserungen. Dann as och hannerdrunn eng gesellschaftspolitesch Fro, ob a wéi mer dee Modell, dee bestanen huet, deen elo u seng Grenze komm as, wéi mer dee fir d'Zukunft kënnen ëmänneren, ouni datt d'sozial Ofsécherung vun de Leit verschlechtert gët. Enner sozial Ofsécherung verstinn ech éischstens en uerdentlecht Akommes, zweetens Aarbecht fir jidfereen. Ouni Aarbecht bass de ausgeschloss aus eiser Gesellschaft.

Aarbechtszäitverkiirzung

"forum": D'Thema Aarbechtszäitverkiirzung war jo laang als politesch Thema tabu, a jhust eng Spillwis fir Lénksintellektueller. Bei VW an Däitschland as elo e Vertrag ofgeschloss gin, wou Aarbechtsplaze gerett gin, doduerjer, dass jidferee manner schafft, an och e bësse manner verdingt. D'Thema as elo salonfähig gin; wat as vu Modeller wi bei VW ze halen?

Reding: Modeller wéi bei VW, dat kënne Modeller sin. An enger Krisesituatioun as ët ëmmer besser d'Leit behalen eng Plaz, an si hun als Conterparti vun engem Lounverloscht eng Aarbechtszäitverkiirzung. Mir haten och schon hei zu Lëtzebuerg esou Modeller, besonnesch bei der Arbed an de siwenzeger Joeren. D'Grenze vun deem Modell sin do erreecht, wou kee Sputt méi as bei de Leit, fir effektiv Akommesverloschter kënnen z'akzeptéieren. Dann hu mer awer och de prinzipielle Widderstand, deens de a Betriben fënns, wanns de d'Thema Aarbechtszäitverkiirzung opwärf. Zum Beispill bei Du Pont de Nemours, wou mer probéiert haten eng Aarbechtszäitverkiirzung ze maachen, andeem mer gesot hun, mir wëlle keng Lounerhéijung iwwert den Inflationausgleich eraus. Déi Aarbechtszäitverkiirzung wär méiglech gewiescht, well dee Betrib eng gudd Produktivitéitsentwicklung huet an och Gewënn ofgeworf hat. 'T war also u sech eng Verdeelung, obs de lo méi Loun oder Aarbechtszäitverkiirzung wëlls hun. 'T as vun de Leit gedroe gin an hirer Majoritéit. Kuerz nodeem d'Direktioun eis Propositionen ofgelehnt hat, huet se annoncéiert 160 Aarbechtsplazen missten ofgebaut gin. Wa mer virdun deen anere Wee gaange wäeren, da wäeren eng ganz Rëtsch vun deenen Aarbechtsplaze gerett gin.

Diego Rivera: "Die neue Freiheit"



Ech sin der
Meenung,
dass
d'Verdeelung
an deene
leschte
Joeren
zuongonsch-
ten vum
Salarialat gelaf
as. Wat nèt
wëllt
heeschen,
dass do nèt
Lounver-
besserunge
komm sin,
mee
d'Gewënner
um Niveau
vum Kapital,
déi sin
einfach méi
séier gelaf
wéi
d'Lounver-
besserungen.

"forum": Besteet d'Léisung vum Problem vun der Aarbechtslosegkeet also dran, fir betriebsweis lues a lues Aarbechtszäitverkürzungen auszuhandelen?

Reding: Fir d'Aarbechtszäitdiskussioun richteg ze verstoe, misst ee vill méi wäit zrëckkucken. 't misst ee mol einfach eng Kéier d'Fro stellen: Wéi wär d'-Situatioun haut, wann een all d'Parametere gleichge-
looss hätt, wéi se um Ufank vum Jorhonnert waren? Modellrechnungen a Frankreich weisen, datt bei gleichbleiwender Aarbechtszäit, *toutes choses étant égales par ailleurs*, notament d'Entwécklung vun der Produktivitéit a Frankräich haut nèt 3 Milliounen Aarbechtsloser wieren, mee 14 Milliounen. Eng vun den Thesen, déi ee kann opstellen, as datt mer vill ze laang gewaart hun, fir d'Aarbechtszäitdiskussioun an Europa unzekiirpen. An nèt nëmmen s'unzekiirpen, mä och reell do virunzekommen a wirklech d'Aarbechtszäit massiv ze senken, an dat as eng vun den Ursaache, firwat mer dee Sockel vu struktureller Aarbechtslosegkeet hun, deen ëmmer méi wiisst. Ech sin dovun iwerzeegt, dass dat eng Viraussetzung fir de strukturelle Chomage ze bekämpfen war an as, *au contraire* zu deem, wat den Här Junker a séngem Virtrag ("forum" Nr. 151) seet, wann hien hofft, ouni massiv Aarbechtszäitverkürzung nees eng Vollbeschäftigung ze errechen.

"forum": Aarbechtszäitverkürzung, mat vollem oder deelweisem Lounausgläich, dat kascht; wéi kann een dat finanzéieren?

Reding: 'T as de Verdeelungsproblem, do si mer da bei der Fro vun der gesellschaftspolitescher Optioun. Mer kënne soen, 't muss direkt alles mat vollem Lounausgläich sin, wanns d'eng generell Aarbechtszäitverkürzung mechs. Oder mer kënnen dat aneschers organiséieren, a mer kënnen och deelweis ouni volle Lounausgläich fueren, deelweis dermatt. Fir mech as dat eng Fro vun der sozialer Gerechtegkeet. Mir hun ebe Leit, deene kanns de nèt zomudden, dass se manner verdingen, well se schon op engem Minimum sëtzen. Du kanns awer gesamtgesellschaftlech gesi schon de choix man a soen: Mir verkürzen elo d'Aarbechtszäit a mir ma mi lues bei der Akommesentwécklung. Dat as fir mech e gesellschaftspolitesche choix, dee méiglech as.

Zesummenaarbecht vun de Gewerkschaften europa- a weltwäit

"forum": Wann ee seet, d'Verdeelung muss anescht gemaach gin, da muss ech iirgendengem eppes ewechhuelen, eben deene Leit, déi elo d'Gewënner astiechen an dann e bëssche manner astiechen... As et dann nèt esou, dass déi awer um laangen Hiewel sëtzen: Wann ech zum Beispill a Lëtzebuerg oder esouguer an Europa esou eng Politik duerchféieren, da soen déi, da ma mir einfach eis Betriber zou a mir gin an Ostasien oder soss éirens?

Reding: Dat as de Problem, wou's de dranhängs, an 't as ganz evident, dass de esou eng politesch Optioun nëmmen an engem grouse wirtschaftleche Raum treffe kanns, wou dann och e politesche Konsens insgesamt an där Gesellschaft muss bestoen, fir et ze man. Um Niveau vun der EU wär et menger Ansicht

no machbar. Da giffe vläicht verschidde Produktiounen verlagert gin an aner Länner, mä insgesamt kéins de da jo Aarbecht op aner Terrainë verlageren, du kéins nei Produktiounen entwéckelen. Well do muss een och gesinn, datt ee souwisou ëmmer an engem dynamesche Prozess as, an dass de ëmmer Entwécklungen hues, wou Produktiounen opengkéier verschwannen oder op anere Plazen higestallt gin an anerer amplatz kommen.

D'Fro as natiirlech hannendrun och nach déi, op ee nèt och muss an de Welthandelsaccordé politesch Optiounen treffen, an do d'Thema vun de Sozialklauselen uschwätzen. Nèt am Sënn vun engem Protektionismus, nä, et geet drëms derfir ze suergen, datt zum Beispill d'Textilaarbechter a Sri Lanka d'Recht hun, fir Gewerkschaften ze grënnen, dass déi minimal Standardë vun der Internationaler Aarbechtsorganisatioun respektéiert gin. An 't geet drëm, dass genau déi Betriber, déi déi Delokaliséierung maa-
chen, nèt dovun profitéieren fir déi Leit do total auszebeuten, an hei kënne méi Profit man, well se déi Leit esou schlecht bezuelen dohannen, dass déi emol déi Kleeder, déi se hiirstellen, nèt kënne kafen.

"forum": Kënnen dann d'Gewerkschaften nèt international zesummeschaffen, dass zum Beispill eng europäesch Textilgewerkschaft mat enger Gewerkschaft a Sri Lanka géint e Konzern optrëtt?

Reding: Dat as bis elo jhust an eenzelne Fäll realiséiert gin. Wat passéiert, dat as, datt Campagnen initiéiert gin vun den internationale Gewerkschaftsbënn oder de Berufssekretariater fir emol Pressioun op deen een oder deen anere Konzern ze maan. Wat ervirstecht, dat as, dass dat nach am beschte funktionéiert zwëschen industrialiséierte Länner, hei oder a Südostasien. Verschidde Gewerkschaften aus eenzelne Länner hun och extra Fongen, wou ganz vill an Opbauaarbecht vu Gewerkschaften an der Drëtter Welt gestach gët, wou Projeté vu Schoulungszentren, sozialen Infrastrukturen fir d'Leit, Cooperativen asw. finanzéiert gin. Den OGB-L investéiert och aljoers an esou Projeten.

Wat eng nei Evolutioun as, datt as zum Beispill am Chemiberäich, wou d'international Chemigewerkschaften während Joren eng Campagne lafen haten iwwert d'Sëcherheet an der Chemibranche. Wat eppes ganz wichtiges as, besonnësch an der Drëtter Welt. 'T as och ugaangen no den Akzidenten an Indien, do huet déi Campagne ganz massiv agesat. Op de Konferenz vum *Bureau International du Travail* zu Genf sin da schliisslech och nei Sëcherheitsstandardë diskutéiert an uegholl gin.

"forum": Et gët jo och nach den Europäeschen Gewerkschaftsbond?

Reding: An der Europäescher Unioun hues de nach eng Entwécklung, déi vill méi rasant geet, wou mer op vill méi eng integréiert Gewerkschaftsstruktur histeieren. Mee dat hängt och mat der politescher Evolutioun vun der EU zesummen. Mir geet se nèt séier genuch, déi europäesch Integratioun vun de Gewerkschaften. Di national Gewerkschaften gin dem EGB nèt genuch Mëttelen, mir misste bereed sin, vill méi Suen z'investéieren an déi europäesch Strukturen. Do feelt et eis u Leit...

"forum": *De Patronsorganisatiounen, deene feelt ët nët u Leit zu Bréissel ...*

Reding: Jo, dat as e politesche choix, deen d'Gewerkschaften och misste maachen.

Et stellen sech och nach aner Problemer. Wa mer iwwer Verhandlungen schwätzen um europäesche Plang, watter Rechter huet dann den EGB, fir am Numm vun all sänge Mitgliedsorganisatiounen ze schwätzen? Wéi gët d'Konsultatioun gemaach? Wéi gët den demokratesche Matsproochprozess vun de Memberen organiséiert. Bei eis as dat nach relativ einfach. Mir kënnen relativ vill Versammlungen man, fir Fuerderungen opstellen an iwwert d'Kollektivvertrag ofzestëmme. Deen Demokratieprozess as wichteg a misst esouguer nach verdéift gin. Mä wéi organiséiert de deen, wann ët elo ëm europäesch Dossierer geet?

An deem Zesummenhang stellt sech och d'Fro vun der Delokaliséierung. Well d'Delokaliséierung, déi leeft jo nët nëmme mat der Drëtter Welt. D'Delokaliséierung an Europa leeft am Moment haaptsächlech tëschent europäesche Länner a mat Osteuropa. *Electrolux* geet nët op d'Philippinen, mee si geet an Ungarn. Ech hun de moien nach vun der *Goodyear* gelies, déi soen, wa mer hei zu Lëtzebuerg mat de Léin nët erafgin, da gi mir an Däitschland oder a Frankräich. Do gët nët mat Malaysia gedroht, mee 't gët gedroht europa-intern. Do misst een sech europawäit kënnen koordinéieren, den Iwwerbléck behalen, wat an deem Konzern leeft. Tëschen den eenzelne Betriber vu *Goodyear* an Europa, do gët ët ebe keen europäesche Betriibsrout. *Au contraire*, d'*Goodyears*-direktiounen maachen alles, wat se nëmme kënnen, fir ze verhënneren, dass d'Leit aus deene Betriber sech kënnen treffen.

Derbäi kënnt, dass mer müssen den Opbau vun de Gewerkschaften an Osteuropa ganz systematesch ënnerstëtzen. Vlächit gin d'Ennerstëtzung fir d'Gewerkschaften an der Drëtter Welt e bësse méi kuerz geschriwwen, well d'Hausdiir méi no as, an d'Hausdiir, dat as Mëttel- an Osteuropa. Mä dat as och eng Fro vu de Mëttelen, déis de hues.

"forum": *Do as de GATT jo e wichtegen Enjeu...*


Reding: An deem Sënn gesäit och déi international Gewerkschaftsbewegung d'Diskussioun iwert d'Sozialklauselen. Déi hun s'och probéiert opzeweieren. Mir hei zu Lëtzebuerg hun och un d'Regierung geschriwwen, a gesot, an den Accorden iwert de GATT misst och iwwer Sozialklauselen diskutéiert gin. Den EGB huet e ganzen Dossier doriwwer zesummegeallt. 'T as eis bis elo nët gelongen, déi politesch Debatt doriwwer ze lancéieren, an dat as bedauerlech.

Op Dauer as dat eng geféierlech Situatioun, well bei der schaffende Leit opengkeier eng protektionistesche Mentalitéit opkomme kann. Ech erënneren do a Frankräich un d'Campagne "*Achetez français*" oder an Amerika un d'Campagne géint japanesch Autoen. Dat as sëcherlech nët d'Léisung vum Problem.

"forum": *Den Nationalismus an d'Friemefeindlechkeet huele jo och zu Lëtzebuerg zou...*

Reding: Mir müsse hei am Land wëssen, dass mer an enger Regioun liewen an dass mer müssen an enger grousser kultureller Vielfalt weiderliewen. All Réckschrëtt, deen do kënnt, as geféierlech. Dat muss een op alle Niveauë berücksichtigen. Dat geet un, wann ee falsch Sätz an d'Welt setzt, wann een zum Beispill an engem Saz iwwert de Chomage vun de Lëtzebuerger schwätzt, an an deem nemlechte Saz vun deene ville Frontalier schwätzt, déi hei op Lëtzebuerg schaffen kommen. Well dann ënnerstellt een, dass d'Leit hei kéng Aarbecht hätten, well mer Frontalieren hätten, déi hei an d'Land erakommen, an dat as esou simplistesche an esou national geduecht, dass de do jüst Friemenhaass dermat provozéiert, an de Problem nët léis. Och d'Gewerkschafter müssen do oppassen, well ët geet deenen och ganz séier iwwert d'Lépsen, esou Sätz, wou nët ëmmer op d'Wieder opgepasst gët, déi ee seet.

Diego Rivera: "Moderne Industrie".




Mee fir op de GATT zrëckzekommen: Sou wi och d'Ekologen zu Recht Umweltklauselen verlaangen hun, menge mir, dass een och Sozialklauselen misst abauen. An dass een doriwwer eng Diskussioun mol misst ufänken. Mer brauchen eng politesch Optioun, wou mer soen, mir sin entweder fir e soziale Modell oder mer si fir e reng liberal-kapitalistesche Modell. An 't as dorëms, wou am Moment d'Debatt dréint, awer déi Debatt as diffus am Hannergrond a nët präzis genuch.

D'Strategien vum Patronat

"forum": *'T as opfälleg, wéi där Debatt deelweis ausgewach gët, an 't kann een sech froe virwat. Et as jo nët esou, dass d'Industrie ouni all politeschen Afloss wär. Wann zu Lëtzebuerg d'Industriellefederatioun zum Beispill eng bestëmmte Meenung huet, da bréngt se ët jo och färdig, déi Meenung an alle grousser Parteien zur Geltung ze bréngen. 'T as also nët evident fir Idëen duerchzusetzen, déi deene Leit widderstreechen.*

Reding: De Problem as esouguer nach méi gravéierend. Déi Leit, déi d'Patronat hei zu Lëtzebuerg vertrieben, gin engem heiansdo d'Impressioun, si hätte souwiso näischt méi ze soen, wann ee feststellt, wat se op nationalem Plang mat engem diskutéieren, an wou mer och nach prinzipiell d'accord sin. A wann een dann awer op den Terrain, an d'Betriber geet, gesäit et ganz anescht aus, haapsächlech an den internationale Betriber. Déi spillen awer eng ganz grouss Roll. Well 't gët vill vun deene klengen a Mëttelebetriber geschwat, mä 't däerf een och do nët vergiessen, dass dat oft Zouliwwerer si vun deenen zentralen Industriebetriber. An déi zentral Industriebetriber gehéieren hei zu Lëtzebuerg quasi allegueren auslännesche Konzernner, déi a ville Länner vertratt sin.

Diego Rivera: "Klassenkampf".



Dat bréngt matt sech, dass mer eng komesch Situatioun kréien, dass ee nämlech u sech iwer Saachen hei schwätzt, wou awer d'Entscheidung souwiso nët hei getraff gin. Dat dréckt sech och an der Organisationsstruktur vun de Betriber aus. Fréier sin déi grouss Konzernner higaangen a si hu gesot: do an deem Land hu mer e Site, wou mer allméiglech Saachen hirstellen, en integréierte Site. Haut gët och gesot, mir man en integréierte Site, mä awer rondrëm ee Produkt, dat hirstallt gët. Wann een dann eng Fabrik hëllt, déi méngewege 5 oder 6 Produkter hirstellt, dann as all eenzelene Produkt en eegenen integréierten *business*, wéi se dat nennen.

"forum": Wat as dann d'Konsequenz vun esou enger Opspaltung an de Betriber?

Reding: Jo, wann esou e *business* kee Profit méi bréngt, da seet de Konzern, da stousse mer en af. Sou dass d'also nët méi kanns soen, ok., op deem doe Produkt mëchs de elo mol e bëssen Defizit, mä op deem anere mëchs de nach e Risegeewënn, an dat cent gläicht dat anert aus. D'Konsequenz vun der neier Politik as, datt den defizitären Produkt *à terme* nët méi hirstallt gët. Haut stees de dann direkt virun där brutaler Alternativ: Entloossung oder d'Loun-

käschten ze drécken. Wann een dann awer iwwert d'Léin schwätzt, gët natiirlech vun de Léin vum gesamte Personal am Betrib geschwat, da gët nët nëmme méi geschwat vun deenen enge; wou mir och schlecht gestallt wäeren als Gewerkschaft fir elo ze soen, ma dann diskutéiere mer lo jhust iwwert dee Fénneftel do vum Betrib, a mir diskutéieren nët iwwert de gesamte Betrib.

Do gët eng reell Erpressung gemaach, an do si mer och ganz schwach. Wann e versicht, déi Froen eleng an engem Land ze léisen, as dat eng Illusioun. Do braucht de schon e grouse Raum wéi d'EU, wou's de dann awer misst eng global politesch-ekonomesch Approche hun, di géif gedeelt gi vun de Regierungen vun all deene Länner. An do si mer awer wäit ewech; *au contraire*, wann een d'Situatioun global kuckt as majoritär am Moment eng liberal-kapitalistesch Approche virherrschend. An doduerch sätzt déi Tendenz sech och am Ament duerch. Da si mer och erëm op dem politeschen Terrain, wou mir musse kucken, dass mer déi politesch Optioun an allen europäesche Länner fannen fir e soziale System, an nët fir e reng profitorientéierte System.

Ekologesch Erausforderungen

"forum": Niewt de sozialen Erausforderungen gët et déi ekologesch: Wann ech an der Industri wëll méi ekologesch schaffen, dann huet dat ganz oft Inzidenzen, déi negativ ze si schéngen: Wann ech manner Auto fuere wëll, da bauen ech manner Autoen, an da gi ganz vill Leit an der Autosindustri aarbechtslos. Wann ech éirens méi deier Filteren abauen, da si manner Suen do fir d'Aarbechter ze bezuelen.

Reding: Dat stëmmt kuurzfristeg. D'stëmmt ménger Meenung no awer nët mëttelfristeg. Bei der Autosindustri wëll ech drop hiweisen, dass d'IG Metall an Däitschland sech vun engem oder zwee Joer ganz intensiv domadder beschäftegt huet a Modeller entwéckelt huet, wéi d'Aarbechtsplazen an deem Industriezweig kënnen erhalen bleiwen, och wann den Individualtransport zréckgeet. Dann hues de natiirlech Konversionszäiten, wou's de dech ëmstells vun deem engen op dat anert. 'T as ëmmer eng Zäitfro, wivill Zäit hues de fir dech ëmzestellen, dass de dat kanns sozial esou organiséieren, dass do derbäi nët Leit ënnert d'Rieder kommen.

Mëttelfristeg denken ech, datt sech Emstelle lount, an dass et och ekologesch nei Terrainë gët, wou s de nei Aarbechtsplaze kanns schaffen. An ech denken do nët nëmme u Reparatur un der Umwelt, mä du kanns och an Umwelttechnologien oder an ëmweltfrëndlech Produkter investéieren a nei Produktiounen opbauen. Eng Firma wéi Arthur Anderson hei zu Lëtzebuerg huet jo déi Idee iwerholl an e Modell entwéckelt, an déi si jo lo ganz bestëmmt nët am Verdacht, dass se nët maartwirtschaftlech-kapitalistesch géife rasonnéieren. 'T as fir mech ee vun de Beweiser, dass Aarbechtsplazen och am industrielle Beräich ënner Umweltgesichtsponkter kënnen opgebaut gin.

Viru Joren war d'Diskussioun zu Wolz, iwwert d'Eurofloor mat dem PVC. Déi ganz Diskussioun war vill méi komplizéiert wi dass et elo nëmme drëm gaange wär, wafere Produkt, datt se géngen hirstelle.

Mir hun deemools am Comité mixte an och rondërem gesot, wann nei Investitioune kommen, da muss een och drun denken, dass ee vläicht och mol aner Produkter hirstellt déi nët op PVC-Basis sin. Well do as eng Entwécklung do, an 't soll ee virausdenken dohinner, well soss sin déi Aarbechtsplazen do à terme och a Gefor. Ech stelle mat Freed fest, dass de Betrib ufänkt, dat ze gesin, an dass se och ufänken an d'Recherche an an d'Entwécklung vu Nët-Chlor-Plastiken ze investéieren. An domadder si fir mech d'Aarbechtsplazen an deem Betrib och méi ofgeséichert wéi wa se dat nët géife maachen a mer kommen dann awer méi a Richtung vun eppes ekologesch Verantworbaren. Duerfir méngen ech nët, dass dat mëttelfristeg esou e Problem as, au contraire, dat as mëttelfristeg eng Chance.

Ech méngen awer wann de Betrib haut een anere Wee geet, dann nët well mir dat iirgendwann eng Kéier gesot hun, mee well eng Entwécklung am Konsum stattfond huet. An zwar duerch eng Bewusstseinswerdung, déi vill Leit hun, dass se soen, mier kafen keng esou Produkter méi, mir hätte gären aner Produkter. A vun dohier as et am Endeffekt en Zesummespill vu villen Facteurs, déi obengkéier eng Entwécklung an eng aner Richtung bréngen. Well e Betrib kuckt primordial mol dono, ob e seng Produkter afgesat krit an ob e vill Sue kann dermatt verdingen oder nët, dat as reng mikroekonomesch ganz kloer.

"forum": Musse mer dann iwerhaapt Industri hei zu Lëtzebuerg hun, déi ëmmer ekologesch Probleemer opwerft? Mir hu jo och de Finanzsecteur, dee souwiso am meeschte Bénéfice ofwerft. An 't gouf bis elo nach keng Bürgerinitiative géint nei Banken, well déi maache jo keen Dreck.

Reding: Mir sin der Meinung, dat mer e seriöt industriell Standbeen brauchen, dass et nët gudd as, eng reng Dingschtleeschtungsgesellschaft ze hun, mee dass d'och eng Produktioun braucht. Mee do solle geziilt mol méi Efforté gemaach gin, an der Wirtschaftspolitik och an Umweltberäicher eranzegoen. Do misst een och mol d'ganz Emfeld kucken, wat een do misst ronderëm d'Produktioun selwer als Konditioun schafen an engem Land oder enger Region.

Da muss ee sech Gedanke maachen, wéi een déi Emstellungsprozesser, di giffe kommen, an den eenzelne Betriber kann organiséieren. Mir hu Betriber, déi kënnen et finanzéieren, well se gesond si, mir hun awer och Betriber, déi hätten ekonomesch Probleemer. Mir hun do als OGBL an der Zäit d'Iddi lancéiert, op een nët misst e Fong schafen, wou Betriber, déi sech wëlle besser Umweltstandardé gin, an déi awer nët déi Mettelen hun, fir dat kënnen direkt ze maachen, wou een deene Geld ka gin, entweder zënslos, oder mat niddregen Zënsen. 'T huet ee Betriber, déi en Defizit man iwert e puer Joer eraus, oder di ganz minim Bénéficer man, di jhust duergin fir déi Investissementer ze man, déi einfach bluttnoutwendeg si, fir dass de Betrib sech kann halen. Et wees en awer, dass et och noutwendeg wär an d'Umweltfrëndlechkeet z'investéieren, souwuel direkt elo fir Umweltschied ofzebauen, déi se maachen an awer och fir d'Zukunft vun dene Betriber. 'T misst een deene Betriber eng Chan-

ce gin, an déi hun se nët. Besonnesch nët, wanns d'eng geckeg Zënsolitik hues um Geldmoart. Well 't as nët normal, dass de méi Suen erauskrisst, wanns de Suen op eng Bank setz, wéi wanns de s'investéiers fir eppes Produktives ze maan. A méngen An as dat nët normal. 'T as vläicht ekonomesch z'erklären, mee 't as awer nët normal.

Fir eng volontaristesche Wirtschaftspolitik

"forum": Du plädéiers also fir méi eng volontaristesche Wirtschaftspolitik?

Reding: Eng Wirtschaftspolitik, déi zukunftsorientéiert as, an déi nët *au jour le jour* einfach kuckt, wéi kréie mer erëm en Ersatz fir eppes wat verschwénnt, mä och watfir en Ersatz. Musse mer dat nët méi laang am viraus plangen? Do brauch ee vläicht och méi Instrumenter. Ech méngen och, et as e schwéiere Mätsch, den e Politiker muss man, e muss och déi Mëtelen a senge Ministären hun, vu Qualifikatiounen, vu Leit, fir och systematesch kënnen an déi Richtung ze goen. Well do geet et mam gudden Willen eleng nët duer. An 't as nët eppes wou's de einfach esou dekretéiers an dann as et vun haut op muar esou, 't as schon en Asaz iwwert eng länger Period do erfuerdert.

"forum": Mee as et dann iwerhaapt esou, dass d'Politiker dat plangen? As et dann nët esou, dass d'Planung haut an den ieweschte Stäck vun de grouss Konzerne gemaach gët, an dass mir jhust nach nokucken. An d'Politiker dürfen do d'Betriber aweihen, wou neier opgemaach gin oder do matkräische goen, wou se zou gemaach gin.

Reding: Jo a nän. Jo an deem Sënn, dass sëcherlech grouss Konzerne e ganz grouss Pouvoir hun. An dee kann iwwert de Pouvoir vun enger Region oder vun engem Land erausgoen. 'T as ganz evident, dass e Konzern wi Goodyear oder Du Pont de Nemours méi mächtig as wéi d'Lëtzebuurger Land. Op där anerer Säit mierkt een awer och, dass och esou grouss Konzerne beaflosst gin duerch d'politesche Entwécklung an d'*opinion publique*.

Do gesäit een, dass déi positiv Astellung zum Umweltschutz d'Geschäftsverhalen vu manchen Managern beaflosst. D'politesche Debatt spillt schon eng Roll, awer nët direkt, an deem Sënn, dass ee seet, mir kréien dat doten elo imposéiert. Mä 't as eng Vielfalt vun Initiativen, déi e Géigegewicht duerstellen, wou dann och e Geschäftsmann drop reagéiert.

Ech wëll awer och nach soen, datt e sech nët muss domadder offannen, dass een eng Entwécklung huet, wou d'Politik *par rapport* zu de réngen wirtschaftlechen Iwwerleeungen zréckgeet. Mee dass en och vläicht do misst méi eng volontaristesche Politik rëm an de Viirdergrond réckelen.

"forum": forum seet Merci fir den Interview.

Den Interview mam Jean-Claude REDING, Member vum Exekutivbüro vum OGBL, gouf gefouert vum RK.

'T as ganz evident, dass e Konzern wi Goodyear oder Du Pont de Nemours méi mächtig as wéi d'Lëtzebuurger Land. Op där anerer Säit mierkt een awer och, dass och esou grouss Konzerne beaflosst gin duerch d'politesche Entwécklung an d'*opinion publique*.